Les Jardins d'Alysea

MAISON DE SOINS

Résidence 5 étoiles

# Aktiv a gutt encadréiert

## D'Liewe genéissen an de Jardins d'Alysea

**D'Fleegeheem Les Jardins d'Alysea ass net nëmmen en zweet Doheem fir eeler Leit, déi Rou an Erhuelung sichen, mee och eng dynamesch Gemeinschaft, déi Wäert op en aktive Liewensstil leet. D'Haaptzil vun dëser 5-Stäre-Fleegeresidenz ass et, datt d'Bewunner den Alter aktiv liewe kënnen duerch eng Panoplie vun Aktivitéiten.**

Dank dem Knowhow vum engagéierte Personal, dat sech vill Méi gëtt bei der Organisatioun vun ofwiesslungsräichen therapeuteschen Aktivitéiten, kann d'Fleegeheem de Bewunner en Alldag bidden, dee beräichert a stimuléiert. Hiren opmierksamen Asaz mécht dëst Altersheem zu enger lieweger Gemeinschaft, wou all Eenzelen op senger Rees an e méi aktiivt an erfëllt Liewe begleet gëtt.



Nieft de Bastelateliere ginn a Les Jardins d'Alysea eng Rei aner Aktivitéite fir d'Motorik ugebueden, bei deenen d'Bewunner encouragéiert ginn, sech kënschtleresch a kreativ auszedrécken. Dës Aktivitéiten déngen net einfach dem Zäitverdreif, mee förderen d'Konzentratioun, d'Gedold an d'Koordinatioun.

Gesellschaftsspiller bidde vill méi wéi just Ënnerhalung. Se fërdere sozial Interaktiounen a verstäerken d'Bindung tëscht de Bewunner. Einfach Spiller wéi Schach, Kaarten oder Domino encouragéieren d'Kommunikatioun, d'Konzentratioun an d'Capacitéit, Problemer ze léisen. Esou gëtt déi mental Vitalitéit vun de Participantë gestäerkt.

Nieft den Aktivitéiten, déi ënnerhalb vun der Residence organiséiert ginn, proposéiert d'Fleegeheem och therapeutesch Ausflich. D'Bewunner hunn d'Méiglechkeet, d'Land an esouguer d'Grenzregioun ze entdecke bei Ausflich op d'Schueberfouer, u Bord vun der Princesse Marie-Astrid oder bei enger Visitt vum Palais Royal zu Kirrwiller (Frankräich), esou datt den intellektuelle Virwëtz stimuléiert gëtt, de Rapport zu hirer Ëmwelt erhale bleift an hir Vue op d'Welt ronderëm erweidert gëtt.

En aktiivt Liewen am Fleegeheem beinhalt vill méi ewéi just Motorikexercicer. Et ass en Engagement fir dat integraalt Wuelbefanne vun de Bewunner ze garantéieren; se ze encouragéieren, fir geeschteg, kierperlech an emotional aktiv ze bleiwen. Dës dynamesch Aktivitéite stäerken d'Gefill vu Gemeinschaft, bidden d'Méiglechkeet och am Alter all Dag bäizeléieren a virun allem erlabe se de Bewunner, all Dag voll a ganz auszeliewen.



48, rue de Hellange
L-3327 Crauthem
Tel.: 27 12 93-1
welcome@alysea.lu
www.alysea.lu

brain&more